N°3346
Entrée le 15.01.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 3346 vum 15. Dezember 2025 vun der honorabeler Deputéierte Madamm Alexandra Schoos.

*1. Kann d'Regierung déi genee Zuel vun Dermatologen, déi zu Lëtzebuerg Vollzäit schaffen, matdeelen – ënnerdeelt no Spidol- a Privatsecteur?*

*2. Wéi laang sinn aktuell déi duerchschnëttlech Waardezäite fir e Rendez-vous bei engem Hautspezialist?*

*3. Wéi en Impakt wäert den Accord mat Frankräich op dës Waardezäiten hei am Land hunn?*

*4. Wéi eng Konsequenz huet dat fir Lëtzebuerger Residenten a Grenzgänger? Ginn déi bei Rendez-vouse prioritär behandelt?*

*5. Den Accord bezitt sech explizit net op d'Cancerologie. Heescht dat konkret, datt e Patient, bei deem am Kader vun enger reng preventiver oder enger Routine-Ënnersichung eng Form vun Hautkriibs festgestallt gëtt, oder bei deem e Kriibsverdachtsfall virläit, u franséisch Dermatologen zréckverwise gëtt? Oder heescht dat, datt Patienten, bei deenen a Frankräich Hautkriibs diagnostizéiert gouf, net op Lëtzebuerg komme kënnen, fir sech hei behandelen ze loossen?*

*6. Am Fall vun enger chirurgescher Interventioun: Fënnt dës Operatioun zu Lëtzebuerg statt oder muss se a Frankräich duerchgefouert ginn? Wéi gëtt d'« continuation des soins » assuréiert?*

*7. Wéi funktionéiert an dësem Zesummenhang den Austausch an d'Weiderleedung vum Patientendossier tëschent de lëtzebuergeschen a franséischen Dokteren, respektiv Spideeler?*

*8. Wéi ass d'Reglementéierung fir déi franséisch Residenten, déi aktuell net bei der CNS verséchert sinn a vun 2026 un eng dermatologesch Consultatioun zu Lëtzebuerg kréien? Wéi gi bei hinnen d'Käschten ofgerechent?*

*9. Ass ugeduecht, dës Consultatiounsméiglechkeet bei Lëtzebuerger Dokteren ze erweideren: A. op déi zwee aner Nopeschlänner? B. op aner spezialiséiert medezinesch Beräicher?*

*10. Ass d'Unzuel u franséische Residenten, déi dëse Service an Usproch huele kënnen, limitéiert, bzw. huet Lëtzebuerg sech dozou verflicht, eng gewëssen Unzuel u Patienten opzehuelen?*

*11. Gëtt et en Zesummenhang tëschent der Decisioun, franséische Residenten den Zougang zu Dermatologen hei zu Lëtzebuerg ze garantéieren, an den néng neie Studieplazen zu Reims Champagne-Ardenne?*

Zënter 2015 ass d'Unzuel vun den Dermatologen, Allergologen a Venerologen, déi zu Lëtzebuerg praktizéieren[1], ëm 50,0% geklommen a läit am Joer 2024 bäi 63 Dokteren (42 am Joer 2015). Dovun hunn

---

[1] Den Term « praktizéieren » entspriecht am dësem Kontext der Methodologie, déi am leschten thematesche Bericht vum Gesondheetsobservatoire presentéiert gouf, mam Titel « Les professionnels de la santé au Luxembourg: un modèle d'évaluation quantitative ».

der 42,9% fir 2024 en Agrement mat engem Spidol ënnerschriwwen. Am Joer 2015 louch dëse Prozentsaz bäi 47,6%. Déi konsolidéiert Donnéeë fir 2025 leien nach net vir.

| Joer | 2015 | 2019 | 2024 | Evolutioun 2015/2024 |
|---|---|---|---|---|
| Unzuel un Dermatologen, Allergologen a Venerologen | 42 | 49 | 63 | 50,0% |
| Prozentsatz mat engem Agrement mat engem Spidol * | 47,6% | 44,9% | 42,9% | - |

*Quellen: Rapport vun der IGSS zur sozialer Ofsécherung, Ëmfro vun der IGSS bäi de Spideeler, Berechnung IGSS.*
** En Dokter kann zäitgläich en Agrément mat engem Spidol hunn an eng Privatpraxis.*

Eng Persoun gëtt als praktizéierenden Dokter gezielt, wann se fir dee Beruff eng Autorisation d'exercer vum Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet ausgestallt krut an och effektiv liberal, bei engem Employeur aus dem Gesondheetssecteur oder bei engem Employeur aus engem anere Secteur zu Lëtzebuerg als Dokter praktizéiert.

Den zousätzleche Protokoll, deen den 11. Dezember tëschent Lëtzebuerg a Frankräich ënnerschriwwe gouf, fir e Pilotprojet an der Dermatologie anzeféieren, huet keen neit Recht am Zougang zu den Dermatologen, déi zu Lëtzebuerg praktizéieren, geschafen.

Dat Recht ass nämlech schonn an der europäescher Reglementatioun verankert, virun allem an der Richtlinn 2011/24/UE vum Europäesche Parlament an dem Rot vum 9. Mäerz 2011 iwwer d'Ausübung vun de Patienterechter an der grenziwwerschreidender Gesondheetsversuergung[2].

Dës Richtlinn, déi 2014 an déi lëtzebuergesch Gesetzgebung ëmgesat gouf[3], hat ënner anerem als Zill d'Mobilitéit vun de Patienten an déi fräi Prestatioun vu Gesondheetsleeschtungen an der EU ze stäerken. D'Richtlinn baséiert och op déi europäesch Jurisprudenz an dëse Beräicher.

Esou gesäit dës Richtlinn vir, dat eng Persoun sech kann an en anert Land behandele loossen, also och eng Consultatioun bei engem Dermatolog an engem anere Land an Usproch huelen, an e Remboursement fir déi Leeschtung kréien. Dës gëllt natierlech och fir eng Persoun, déi am lëtzebuergeschem System affiliéiert ass, an an engem anere Land bei en Dokter geet.

De Pilotprojet, dee vum 1. Januar bis den 31. Dezember 2026 leeft, betrëfft net den Zougang selwer zu engem Dermatolog, mee d'Prise en Charge vun der franséischer Krankeversécherung fir déi Consultatiounen.

Dëse Pilotprojet gouf vun de franséischen Autoritéite proposéiert, fir dat d'Assuréeë vun der franséischer Krankeversécherung, déi an den 3 definéierte *Communautés professionnelles territoriales de santé* wunnen ("CPTS Thionville Est", "CPTS Moselle trois vallées" a "CPTS du Pays Haut"), eng besser Prise en Charge an der Dermatologie hunn, wann si am Kader vum Pilotprojet zu Lëtzebuerg eng Consultatioun kréien. Doduerch soll d'Präventioun a virun allem eng méi fréizäiteg Entdeckung vun Hauterkrankunge fir déi Assuréeën erméiglecht ginn.

[2] Directive 2011/24/UE du Parlement européen et du Conseil du 9 mars 2011 relative à l'application des droits des patients en matière de soins de santé transfrontaliers : https://eur-lex.europa.eu/eli/dir/2011/24/oj?locale=fr
[3] Informatiounen zur Ëmsetzung vun der Richtlinn 2011/24/UE an déi lëtzebuergesch Gesetzgebung : https://mediateursante.public.lu/fr/legislation/soinstransfront.html

D'Patienten, déi am Kader vun dësem Pilotprojet bei en Dermatolog op Lëtzebuerg kommen, kréie kee Virrang zu aner Patienten. Dës géif och géint den Egalitéitsprinzip verstoussen.

Och huet Lëtzebuerg keng Verflichtung an dësem Pilotprojet fir eng bestëmmt Unzuel u Patienten opzehuelen, wat iwweregens weder dem legale Kader nach engem politesche Wëlle géif entspriechen. Hei gräifen eenzeg an aleng déi bevir genannte Prinzippien a Rechter vun de Patienten.

Et gëtt och keen Zesummenhang mat engem anere Projet, Protokoll oder Konventioun, deen op der CIG vum 11. Dezember 2025 ënnerschriwwe gouf.

Am Pilotprojet gëtt eenzeg an aleng d'Prise en Charge an hir Konditioune vun der franséischer Krankeversécherung spezifesch definéiert. Déi franséisch Gesetzgebung an der Krankeversécherung gesäit nämlech vir, dat d'Prise en Charge kann ugepasst ginn, wann eng Konventioun mat deem Land ënnerschriwwe gëtt, wou déi Gesondheetsleeschtung prestéiert gëtt.

Konkret bedeit dëst, dat déi Tariffer an der lëtzebuergescher Nomenclature als Basis fir d'Prise en Charge fir d'Assuréeën am franséische System geholl ginn.

D'Konditiounen, déi esouwuel am zousätzleche Protokoll vum 11. Dezember 2025, ewéi och am lokalen Exekutiounsprotokoll definéiert ginn – dësen ass am zousätzleche Protokoll virgesinn –, betreffen also eenzeg de Remboursement vun de Leeschtungen (Akten), déi en Dermatolog op Basis vun der lëtzebuergescher Nomenclature a Rechnung stellt.

Fir de Pilotprojet ass virgesinn, dat just déi Assuréeën, déi an engem vun den 3 definéierte *Communautés professionnelles territoriales de santé* wunnen, ënnert déi spezifesch Bestëmmunge vum Pilotprojet falen an eng Autorisatioun fir déi ugepasst Prise en Charge bei engem Dermatolog zu Lëtzebuerg kënne kréien, wann et a Frankräich net méiglech ass, eng Consultatioun innerhalb vun engem medezinesche vertrietbarem Zäitraum ze kréien. Dës Autorisatioun vun der franséischer Krankeversécherung, erlaabt dann de Remboursement op Basis vun de Tariffer, déi an der lëtzebuergescher Nomenclature virgesi sinn.

Konkret stellen d'Dermatologen also ewéi soss och e *Mémoire d'honoraires* aus mat den Akten aus der lëtzebuergescher Nomenclature, deen de Patient bezilt an duerno vun der franséischer Krankeversécherung rembourséiert kritt.

Falls keng esou Autorisatioun virläit, gräifen déi normal Reegele vun der franséischer Krankeversécherung fir de Remboursement, wann e Patient zu Lëtzebuerg bei engem Dermatolog eng Consultatioun hat.

De Pilotprojet betrëfft net nëmmen d'Consultatioun selwer (Akten "C8" an "C40" aus der Nomenclature)[4], mee gëtt och appliztéiert fir eng Rei Akten, déi den Dermatolog selwer am Cabinet däerf maachen (ambulatoire) an déi an der Nomenclature virgesi sinn, zB. betreffend d'Zerstéierung vu guttaartegen oder och béisaartegen Tumeuren.

D'Lëscht vun deenen Akten, déi am Kader vum Pilotprojet berécksichtegt gi fir de spezifesche Remboursement, ass am lokalen Exekutiounsprotokoll virgesinn an eenzeg op déi lëtzebuergesch Nomenclature baséiert. Och ginn déi applikabel Tariffer vun deenen Akte geholl, déi automatesch mam Index ugepasst ginn.

[4] Akt C8 : *Consultation du médecin spécialiste en dermato-vénéréologie* ; Akt C40 : *Consultation majorée du médecin spécialiste en dermatologie* (an Applikatioun vun de Konditiounen an der lëtzebuergescher Nomenklatur)

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

Dës Lëscht vun den Akte gouf vun den Doktere vun der franséischer Krankekeess mat der *Société luxembourgeoise de dermato-vénéréologie* (SLDV) opgestallt.

D'Prise en Charge vun deene méi komplexen oder stationär Behandlunge leeft net iwwer de Pilotprojet, mee iwwer déi üblech Reegelen. Esou muss zB. fir eng stationär a geplangt Behandlung am Ausland, ewéi eng Operatioun, am Virfeld eng Autorisatioun vun der franséischer Krankekeess virleien, fir dat eng Prise en Charge ka stattfannen.

Wat déi aktuell d'Waardezäite bei den Dermatologen ubelaangt, huet de Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet keng Donnéeën. Déi Infoen, déi awer zur Verfügung stinn, deiten drop hin dat et Ënnerscheeder ginn tëschen den Dermatologen, vun e puer Méint fir e Rendez-vous bis keng nei Patiente méi ophuelen.

Allerdéngs wäert de méiglechen Impakt vum Pilotprojet op d'Waardezäite gemeinsam mat der SLDV suivéiert ginn, op Basis vun de Feedbacke vun den Dermatologe selwer iwwer d'SLDV.

Des Weideren ass och festgehale ginn, dat de Pilotprojet zesumme vun de franséischen a lëtzebuergeschen Autoritéite mat der SLDV suivéiert gëtt. Dëst war esouwuel dem Ministère ewéi der SLDV wichteg.

Dobäi ass ze präziséieren dat d'SLDV un der Ausschaffung vun dësem Pilotprojet bedeelegt war, wat fir de Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet och eng Konditioun war, fir de Projet, dee vun de franséischen Autoritéite gefrot gouf, ze diskutéieren.

D'Kontinuitéit vun der Fleeg ("continuité des soins"), bzw. d'Koordinatioun tëschent de Prestatairen, gëtt iwwer déi besteeënd Prozeduren a Kanäl assuréiert. Esou kënnen déi verschidden Dokteren an aner Prestatairen déi néideg Informatiounen innerhalb vum besteeënde legalen an deontologesche Kader austauschen. Och kann den Dermatolog e Rapport op Ufro hi maachen, deen och an der lëtzebuergescher Nomenclature virgesinn ass (Akt "R1").

Aktuell si keng weider esou Pilotprojeten (fir aner Beräicher) virgesinn, weder mat Frankräich nach mat der Belsch oder Däitschland.

Falls esou Ufroe vun deene Länner an der Zukunft géife kommen, géif de Ministère mat der Associatioun vun den Dokteren a Zänndokteren, bzw. mat de betraffenen Doktergesellschaften (ewéi an dësem Fall d'SLDV), Kontakt ophuele fir ze kucken op esou e Pilotprojet méiglech wär an ewéi ënnert eng Konditiounen, ewéi dat bei dësem Pilotprojet och schonn de Fall war.

Dobäi ass ervirzehiewen, dat d'Assuréeën, déi an engem aneren EU-Land affiliéiert sinn, elo schonn d'Recht hunn op Lëtzebuerg bei en Dokter ze kommen, grad ewéi en Assuré an der lëtzebuergescher Krankeversécherung eng Consultatioun bei engem Dokter am Ausland ka maachen.

Lëtzebuerg, den 15. Januar 2026

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez